Suppriméiert ginn nach zwou aner Mesuren, et ass gesot ginn, zum engen den Accusé de réception beim Envoi recommandé, wou vun zousätzlechen onnéidege Käschte geschwat gëtt an och vun enger disproportionéierter Surcharge vun administrativer Aarbecht. An dann eben och, opgrond vun engem Avis vum Parquet général, d'Mesure, datt een de Führerschäin direkt géif ofgeholl kréien am Kontext vum CSA.

Op de Stroossen dobausse geet an der Tëschenzäit den alldeegleche Misär virun, wann ech dat däerf esou soen. Och wann déi definitiv Zuele vun Doudegen am Verkéier a Schwéierblesséierte fir 2015 nach net virleien, sinn déi Zuelen, mengen Informatiounen no, awer um selwechten héijen Niveau wéi déi Jore virdrun.

An trei nom pädagogesche Prinzip, wann een eppes dacks genuch seet, datt et awer iergendwann eng Kéier wierkt, wollt ech dann och nach eng Kéier soen, datt mer insgesamt zu Lëtzebuerg ze séier fueren an datt iwwerdriwwe Vitesse, laut Statistik, zu ronn 50% Schold ass, wann déidlech Autosaccidenter zu Lëtzebuerg passéieren, mat deem enorme Leed, wat dat fir d'Familljen, fir d'Partnerschaften, fir d'Frëndschafte bedeit.

„Et gëtt keng Stroossen, déi Feeler verzeien" sot d'lescht Joer an engem Interview de Vizepresident vun der AVR, vun der Association des victimes de la route, den Armand Jaminet. An dat ass einfach och esou.

Elo wënsche mer eis alleguerten, datt, wann d'Radaren ab der nächster Woch, ab 16. Mäerz offiziell blëtzen, datt se tatsächlech och Liewe retten, wéi dat och zum Deel awer d'Zuelen aus dem Ausland, notamment déi a Frankräich, déi zimlech präsent och an den Diskussiounen d'lescht Joer waren, beleeën. An ech hu mer och soe gelooss, den Nohaltegkeetsminister huet et selwer gesot an der leschter Kommissioun, ech hunn et och nach eng Kéier op RTL elo gelies, datt immens vill geblëtzt ginn ass an der Testphas an datt vu massive Vitesseiwwerschreidungen och do geschwat ginn ass ebe wärend dërselwechter Testphas.

Här President, zum Schluss wollt ech dem Nohaltegkeetsminister nach eng Fro stellen. Am Kader vun deenen Diskussioune vum leschte Joer - Punkteführerschäin, Consultatiounsdebatt an eben och d'Radaren - hat ech d'Aféierung vun engem nationalen Dag fir Verkéierssécherheet proposéiert, engem Dag, wou d'Responsabilitéit vu jiddwer Eenzelnem géif am Mëttelpunkt stoen a mat praktesch orientéierten Aktivitéite vu Grouss a vu Kleng, wéi Sécherheetstraining, Verkéiersspiller an, an, an. An de Minister hat deemools déi Iddi ganz positiv opgeholl. An ech wollt d'Fro stellen, ob esou een nationalen Dag vun der Verkéiersécherheet fir Lëtzebuerg wäert kommen.

Domat géif ech dann och nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen. Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci och dem Här Schank. An d'Wuert huet dann direkt den Här Negri.

**M. Roger Negri** *(LSAP)*.- Villmools Merci, Här President. Als Éischt wëll ech och der Rapportrice Josée Lorsché e grousse Merci soen. Och wann dat Gesetz elo kierzlech eréischt gestëmmt ginn ass, begréisse mer als LSAP déi Ëmännerungen, engersäits fir méi Dateschutz, an do ass et och gutt, dass de Parquet sech zu Wuert gemellt huet, well et jo hei am Endeffekt drëm geet, fir just d'Vitesse ze kontrolléieren an net engersäits de Gurt ze kontrolléiere respektiv den Handy, wou et ëmmer schwéier ass, och wann eng Foto gemaach gëtt, ob net awer een den Handy um Schouss leien huet. Dat ass dat eent. An dofir, mengen ech, ass et gutt, dass mer wierklech elo op dee Wee do ginn, well jo just, wann eng Contestatioun kënnt, d'Biller gekuckt solle ginn. Dat ass also am Sënn vu méi Dateschutz.

An deen zweete Punkt ass, mer sinn als LSAP och frou doriwwer, dass d'Prozedur vum ageschriwwene Bréif och elo vereinfacht gëtt. An domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci och dem Här Negri. Dann den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vum 8. Juli, wat mer deemools hei gestëmmt hunn, hat och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei fonnt. Och no deene klengen Ëmännerungen hei sti mir selbstverständlech nach ëmmer hannert der Iddi, fir Radaren hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. An et ass schonn e puermol hei gesot ginn, ee vun de ganz grousse Fléaue vum Trafic ass ouni Zweifel d'Vitesse! Mir mussen dat all Dag praktesch feststellen. Duerfir ass et gutt, datt mer elo op dee Wee gaange sinn.

Et ass natierlech liicht ze bedaueren, datt mer elo e bësse mussen zréckrudderen, datt elo e puer Infraktiounen net méi kënnen iwwert de Wee vum Blëtze festgestallt ginn. Mä et ass jo och hei zréckbehale ginn, datt mer no e puer Joer eng Evaluatioun vun dësem Gesetz maachen. Vläicht bitt sech dann éischter déi logistesch Méiglechkeet, fir dann awer och aner Infraktiounen iwwert dee Wee feststellen ze kënnen.

Datt elo och d'Zoustellung vun dem Avertissement taxé méi einfach gestalt gëtt, datt net méi muss en Accusé de réception elo hei ausgestallt ginn, dat fënnt och eis Zoustëmmung. Ech ginn awer ganz gären zou, datt ech selwer e bëssen doru Schold war, datt dat iwwerhaapt an d'Gesetz komm ass. Ech hunn awer no deenen Explikatiounen och elo ganz gären d'Meenung geännert. An insgesamt, wéi gesot, sti mer selbstverständlech hei hannert deene Modifikatiounen.

An ech wëll och nach ofschléissend der Madamm Lorsché Merci soe fir hire mëndlechen an och schréftleche Rapport. An, wéi gesot, bréngen ech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci. Keng weider Wuertmeldungen? Dann huet den Här Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. François Bausch,** *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech wollt direkt emol éischtens Merci soen, datt d'Chamber déi Flexibilitéit hat, fir datt mer dee Gesetzesprojet de Mëtteg nach kënne stëmmen. Ech mengen, dat ass besser, well soss hätt d'Police dobaussen um Terrain misse wärend iwwer engem Mount en Text applizéieren, dee mer souwisou wëlles haten, duerno awer, och wann et nëmmen e puer Punkte sinn, ze änneren.

Awer et sinn och keng onwesentlech Punkten, déi jo awer trotzdeem hei geännert ginn. An zwar haaptsächlech dee Punkt, datt déi Infraktiounen, déi elo zum allgemenge Recht gehéieren, wéi datt d'Police misst kucken zum Beispill, wann ee geblëtzt gëtt, ob en och de Gurt un hätt, Handy oder och d'Assurance gülteg wär, Sandweiler an all déi Saachen. Ech mengen, wat zu ganz, ganz vill Komplikatioune gefouert hätt à ce stade, esou wéi et haut geregelt ass, fir d'Police virun allem, fir dat kënnen ze exekutéieren an ëmzesetzen an der Praxis.

Ech mengen, dat war de Problem och, firwat mer et änneren, well d'Police eis gesot huet, nodeem natierlech d'Gesetz gestëmmt ginn ass a versicht ginn ass, dat ze kucken. Also, wéi mer an d'Mise en pratique gaange sinn, hunn déi Saache sech hei erausgestallt. Dat ass iwwregens och näischt Iwwerraschendes. Dat war an alle Länner esou, wou dat heiten agefouert ginn ass. Et ass och an alle Länner no an no heiansdo emol nach nogebessert ginn, well eréischt duerch d'Praxis sech erausstellt, wéi et wierklech am beschten, spezifesch pro Land fonctionnéiert. D'Technik huet jo och entre-temps vill geännert. An ech sinn awer, wéi gesot, dofir frou, datt mer haut kënnen dat hei ofstëmmen, soudatt dann déi nei Versioun och kann direkt applizéiert ginn d'nächst Woch.

Ech wollt och der Madamm Lorsché Merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport an och all de Fraktioune fir hir Zoustëmmung. Et ass och esou, datt ech versprach hat, datt mer am Fong zwee Bilane wëllen zéien iwwert dat Ganzt: ee Bilan iwwert, dat géif ech emol nennen, déi technesch Opérationnalitéit vun deem Ganzen, wou dann esou Saache wéi dat heiten eben derzougehéieren. Dat kënne mer no engem Joer maachen, wou mer d'Praxiserfahrunge kënne kucken, wou mer och gesinn, wéi zum Beispill d'Gesetzgebung nach am Ausland evoluéiert huet.

Ech weess, datt a Frankräich de Moment zum Beispill nogeduecht gëtt, wéi een dat ka regelen, datt een aner Infraktiounen och kéint esou feststellen. Mä och d'Fransousen hu bis elo nach kee Wonnermëttel fonnt. Et gëtt och keen anert Land, wat bis elo eent fonnt huet. Duerfir ass et gutt, datt no engem Joer dee Bilan gezu gëtt doriwwer, wéi et an der Praxis fonctionnéiert huet.

An ech géif soen, no dräi Joer ongeféier kann een e Bilan maachen, wat et bruecht huet. Ech mengen, do brauche mer méi laang Zäit, do brauche mer Vergläichsjoren. No engem Joer gesinn ech éischter dee Bilan, wéi et um Terrain fonctionnéiert huet.

Vläicht just nach zur Fro vum Här Schank. Ech hunn dat mat Wohlwollen opgeholl, déi Propositioun, a mir sinn och amgaangen, dat ëmzesetzen. A mir wäerten deen Dag organiséieren, esou wéi hien et proposéiert huet, am Kader vun der Semaine de la mobilité dëst Joer. Mir sinn och schonn amgaangen, dorunner ze schaffen.

Et schwieft mer vir, fir zesummen natierlech mat der AVR, der Sécurité routière, mat dem ACL, allen Akteuren, e ganzen Dag ze huelen, wou mer eng Rei Aktiounen esou maachen, fir am preventive Sënn op d'Verkéiersécherheetsproblematik hinzeweisen. An ech mengen, datt d'Semaine de la mobilité eng gutt Woch ass, well do jo de Fokus op der Mobilitéit ebe steet landeswäit. Et kann een dann och kucken, ob een net mat de Gemengen zesumme vläicht eng Rei Saache mécht. Ech mengen, do bidde sech sécherlech déi meeschte Saachen un. An dat soll och schonn dëst Joer am Kader vun der Semaine de la mobilité ulafen.

Wéi gesot, fir de Rescht, nach eng Kéier Merci fir d'Zoustëmmung. An dann, fir de Rescht ass et och esou, datt mer eng Campagne lafen hunn, fir nach eng Kéier drop hinzeweisen, datt et ab Mëttwoch eescht gëtt. A mir wäerten do och nach eng Kéier e Communiqué maachen als Ministère, mat allen Detailer, wou een um Site ka vum Ministère nokucken, wéi d'Spillregele sinn, soudatt kee méi ka behaapten den nächste Mëttwoch, datt en net wousst, wat op e géif duerkommen.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- Merci. Da kënne mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6927 iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6927 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 59 Leit hunn direkt an indirekt um Vott deelgeholl. 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6927 unanime ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.*

***(Brouhaha)***

Ech mengen, do si mer alleguer enger Meenung. A mir géifen dann zur Erneierung vum Vott iwwert de Projet de loi 6807 iwwergoen. Och do gëllt, wie mam Projet d'accord ass, stëmmt mat Jo. Wien net mat deem Projet d'accord ass - mat deem Projet, wou d'Erreur matérielle ausgeschalt ass -, wien also domat d'accord ass, stëmmt mat Jo. An, jo, déi aner mat Neen oder Enthalung.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6807 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet 6807 ass mat 36 Jo-Stëmme bei 23 Enthalungen...

**Plusieurs voix**.- Aah!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président*.- ... ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn dann um Enn vun eisen Aarbechte vun de Mëtteg ukomm. Ech soen lech Merci an d'Sëtzung ass elo eriwwer.

***(Fin de la séance publique à 16.33 heures)***

## 6. 6807 - Projet de loi modifiant

### 1. la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;

### 2. la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, wou mer festgestallt hunn, dass beim Projet de loi 6807, engem Projet, dee mer de 25. Februar gestëmmt hunn, sech e materielle Feeler ageschlach hat. Mir hunn dat dem Statsrot scho matgedeelt. An dat bedéngt, dass mer haut de Vott vum 25. Februar mussen annulléieren an nach eng Kéier iwwert de Projet ofstëmme mussen. Déi heiten Ofstëmmung, si mer eis eens ginn, fënnt ouni Debatt statt, soudass mer dann, wann Der do dermat d'accord sidd, fir d'Éischt géifen zur Annulléierung vum Vott vum 25. Februar iwwergoen.

***Vote sur l'annulation du premier vote constitutionnel du 25 février 2016***

A mir géifen d'Ofstëmmung lancéieren. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Also, annulléieren heescht Jo stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

Voilà! An de Vott ass ofgeschloss. Mat 41 Jo-Stëmme bei 17 Enthalungen ass de Vott annulléiert. Et ass e bësse speziell, mä bon, et ass eben esou.

*Résultat définitif après redressement: l'annulation du premier vote constitutionnel est adoptée par 36 voix pour et 23 abstentions.*

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

***(Assentiment)***

Dann ass dat esou décidéiert.